

Ordre du jour

- 5094 - Projet de loi portant réactivation du fonds d'équipement militaire  
*(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*
- 5222 - Projet de loi portant création de l'établissement public „Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation"  
*(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
- 5253 - Projet de loi portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières  
*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
- Discours de fin d'année

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Henri Grethen, Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'État.

*(Début de la séance publique à 14.31 heures)*

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall. Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5094 iwwert de Fonds d'équipement militaire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Bodry, Rippinger, Henckes a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Paul Rippinger.

- 5094 - Projet de loi portant réactivation du fonds d'équipement militaire

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense**

M. Jean-Paul Rippinger (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru bal genau engem Joer hunn ech hei an der Chamber de Rapport gemaach iwwert d'Gesetz fir eis Arméi och fir d'EU-Bierger opzemaachen. 22 Auslänner hu bis Enn des Joers vun dëser neier Dispositioun profitéiert a sech an der Lëtzebuerger Arméi engagéiert.

Eis Arméi huet esouwuel op nationalem wéi awer och op internationalem Plang wichteg Missiounen ze erfëllen. Fir dat gutt ze maachen, brauch si dat richtegt Material, fir datt si esou kann hire ville Missiounen, déi se huet, gerecht ginn. Ech mengen an deem Kontext, datt een do keng Käschten dierf scheien an datt et wichteg ass fir dat bescht a modernst Equipement erauszesichen, fir esou e Schutz vum Zaldot an alle Situatiounen ze garantéieren.

Ënnert dëse Missiounen ass virun allem d'Bedelegung un den Operatiounen fir d'Friddensofsécherung an d'Konfliktsituatiounen ervirzesträichen. Ech denken do ganz besonnesch zum Beispill un de Lëtzebuerger hir Missioun am Kosovo an am Afghanistan.

Duerch d'Gesetz vum 16. Dezember 1997 iwwert d'Programmation financier militaire ass d'Regierung autoriséiert gi fir tëschent dem Januar 1997 bis den Dezember 2001 e Plan pluriannuel d'acquisition de matériel militaire vun engem Gesamtmontant vu 620 Milliounen al Lëtzebuerger Frang oder 15.369.398 Euro ze finanzéieren. De Finanzement vun dësem Programm ass duerch e Fonds spécial, de Fonds d'équipement mili-

taire garantéiert ginn. Et ass wichteg déi finanziell Mëttel am Kader vun de Militärausgabe rationell anzesetzen. Ech hunn et schonn a mengem Rapport ervirgestrach, datt et schwéier ass fir d'Militärausgaben exklusiv duerch d'Budgets-mesuren ze regelen. Et ass nämlech esou, datt et besser ass fir grouss Militärbestellungen en bloc opzeginn zu Präisser, déi mat de verschiddene Fabrikanten ausgehandelt goufen an déi dann och garantéiert sinn am Präis. Dat ass nämlech besser, wéi duerch sukzessiv Tranché vun engem Budgetsjoer zum aneren déi betreffend Acquisitiounen ze finanzéieren. Et ass jo gewosst, datt bei der Com-mande vu militäreschem Material an Équipement et zimlech laang Délaien tëschent der Bestellung an der effektiver Liwwerung gëtt an et duerch dës Prozedur schwéier ass mat de jeeweilege Budgetsgesetzer an Aklang ze bréngen, well den Délai tëschent der Bestellung an der effektiver Liwwerung relativ laang ass.

Duerch e Spezialfong gëtt eng méi grouss Flexibilitéit beim Asaz vun de votéierte Kreditter erméiglecht. Esou kënnen nämlech déi net gebrauchte Gelder aus engem Budgetsjoer ouni Problem op dat nächst Joer reportéiert ginn. De Spezialfong, deen duerch d'Gesetz vum 16. Dezember 1997 virgesi war, war en période d'exécution vun 1997 bis 2001 gebonnen an dëse Fong kann net elo automatesch benotzt gi fir de Finanzement vun engem Plan pluriannuel ze as-suréieren.

Fir datt Lëtzebuerger mat senger Arméi awer effektiv kann u Missiounen deelhuefen, wäert d'Regierung e Plan d'investissement supplémentaire décidéieren, deen elo op d'mannst vun der Period 2003 bis 2014, voire esouguer méi laang geet, fir déi ze couvréieren.

Fir d'Investissementen am militäresche Beräich ze déterminéieren, huet d'Regierung eng Rei vu Kritären opgesat. Dat ass éischstens emol de Kritär vun der Faisabilité. Dat heescht, datt de lëtzebuer-geschen Effort muss realisabel sinn, an dat op politeschem, finanziellem an techneschem Plang.

Da gëtt et zweetens de Critère de crédibilité. De Lëtzebuerger Effort muss de Wëlle vu Lëtzebuerger weisen, dat bereet ass sengen internationale Verflüchtungen nozekommen a se ze respektéieren.

Dann ass et och de Critère de l'utilité, dee wichteg ass. Et ass nun emol gewosst, datt de Lëtzebuerger Beitrag bescheiden, compte tenu vun eise Moyenen en homme et en matériel, wäert sinn. Deemno

muss een de Lëtzebuerger Effort am Kontext vun enger internationaler, militärescher Kooperatioun gesinn.

Dann ass de Critère de visibilité wichteg. Och wa Lëtzebuerg sech an internationale Contingenten integréiert, muss seng Participatioun awer och an deene Contingenté visibel sinn.

An da schlussendlech de Kritär vun der Effikassitéit. Déi Lëtzebuerger Participatioun muss vun den alliierte Länner als e reellen an effikassen Effort gesi ginn, fir un internationalen an um europäeschen Niveau militäresch Lacunen ze stoppen. Esouwuel déi Europäesch Unioun wéi och d'NATO encouragéieren hir Mitgliedsänner, fir hir militäresch Kooperatioun esouwuel op bi- wéi awer och op dem multilaterale Plang ze intensivéieren. Et ass nämlech esou, datt déi verschide Länner an deene leschte Jore wuel um militäresche Plang staark investéiert hunn, datt se sech awer net konnten déi richteg militäresch Equipementer verschafen, an deemno ass och am Kader vum Développement, vun der Acquisitioun an der Exploitation Kooperatioun tëschent de Länner wichteg.

Lëtzebuerg huet sech engagéiert, fir virun allem am Loftverkéier aktiv ze sinn, an dat notamment en co-opération mat der Belsch, zum Beispill de Fliger vum Typ A400M, deen zesumme mat der Belsch soll exploitéiert ginn. Mir wëssen, wéi den Här Verhofstadt hei war, datt hie gesot huet, datt d'Participatioun vun de Lëtzebuerger um Schëff an d'une façon générale d'Schëff abandonnéiert ginn ass, well et dräi- bis véiermol méi deier komm ass wéi dat ursprüneglech virgesi war.

Des Weidere sinn och Investitiounen vu militäreschem Equipement virgesinn. Déi Lëtzebuerger Regierung huet an dësem Kontext decidéiert, fir hir Kooperatioun mat Belgien ze intensivéieren. Bis elo huet dës Kooperatioun sech virun allem doranner gesinn, datt déi Lëtzebuerger Zaldoten an de belsche Militärschoulen ausgebild ginn an datt déi Lëtzebuerger Zaldoten a belsche Contingenten integréiert goufen am Kader vun engem internationale militäreschen Asaz. Esou ass Belgien elo en charge fir eng Analyse fonctionnelle vun deene verschiddene militäreschen Acquisitiounen ze maachen. Och wann zurzäit nach keng Donnéeën disponibel sinn, esou wäert eis Regierung awer mat konkrete Projete kommen, déi dann herno hei an der Chamber votéiert ginn. Dat heescht also, datt all weider grouss Projeten, déi fir e Militäréquipement virgesi ginn, natierlech duerch e separate Projet de loi, an dat ass wichteg fir d'Chamber, an der Chamber virkënnt an dann och vun der Chamber approuvéiert gëtt.

Wat elo spezifesch den heitege Gesetzesprojet ugeet, wëll ech soen, datt de Projet den 3. Februar 2003 an der Chamber déposéiert ginn ass. De Conseil d'État huet den 23. September vun dësem Joer e positiven Avis zum Projet ginn, an an deem Kontext wëll ech drun erënneren, datt de Statsrot dës Kéier direkt säin Accord zum Projet ginn huet an net huet mis-sen, wéi dat d'leschte Kéier 1997 de Fall war, en Amendement presentéieren. Och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés privés huet an hirem Avis vum 12. Juni 2003 hiren Accord zu dësem Projet ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch den heitege Gesetzesprojet gëtt de Fonds spécial d'équipement militaire erëm reakti-

véiert, ouni datt awer eng Durée festgehal gëtt. De Fonds gëtt entweder duerch de Budget oder duerch Emprunté gespeist. Dëse Fonds dëngt dozou, fir Investisse-menter am militäresche Beräich ze assuréieren an esou ze erméig-lechen eis Arméi esou ze équipéieren, datt si och weider a mat deene bescheidene Moyenen, déi se huet, kann en effikassen a visibele Beitrag zu der internationaler Ver-deedegungspolitik leeschten.

*(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deemno froen ech lech, datt der dëse Projet de loi sollt stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Rippinger. Éischten agedroene Riedner ass den Här Nico Loes. Här Loes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

M. Nico Loes (CSV).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Kolleg Jean-Paul Rippinger fir säi Rapport iwwert dëse Projet. Den Detail vum Gesetzesprojet a senger offizieller Motivatioun am Exposé des motifs erspueren ech lech, well den Här Rippinger do wierklech alles gesot huet wat huet misse gesot ginn. Ech wëll mech kuerz am Kontext mat der Noutwendegkeet vun där Démarche beschäftegen, déi dësem Projet zu Grond läit.

Eist Land ass Grënnungsmitglied vun der NATO an der Europäescher Unioun. D'NATO war ëmmer e Verdeidigungsbündnis, an d'EU ass amgaange sech och a Richtung vun enger Verteidigungs-gemeinschaft ze bewegen, och wann dës Bewegung eng éischer méi gemittlech ass. Lëtzebuerg war 1954 fir d'europäesch Verteide-gungsgemeinschaft, déi vun de Fransouse gekippt gouf, mä wou mir matgemaach hätten, wann d'Assemblée nationale keen nega-tive Vote geholl hätt. Alles an allem kann een deemno feststellen, dass, zënter dass eist Land seng Neutra-litéit nom Zweete Weltkrich opginn huet, Lëtzebuerg bei deene ge-meinsame verteidegungs- a sé-cherheetspolitischen Démarché vun deenen internationalen Orga-nisatiounen, an deene mir Member sinn, ëmmer dobäi war.

Laang Zäit hu mir eis Presenz um Terrain vun alle militäreschen op e minimale Bäitrag vun Zaldoten an eng entspreichend méi grouss finan-ziell Contributioun begrenzt. Dat ass eng Approche, déi näischt Onlegitimes huet. Et gëtt NATO-Memberen, déi hunn emol keng Ar-méi. Island huet där keng, mä stellt souzesoen als konkrete Bäitrag seng Fjorden oder a senge Fjorden Terrainen zur Verfügung, wou mi-litäresch Basé fir d'NATO kënnen ënnerhale ginn. Mä d'Positioun vun dëser Regierung ass déi, dass et un der Zäit ass, dass Lëtzebuerg säi Bäitrag zu den Efforte vun der NATO méi sichtbar mécht, an dat wëlle mir an enger verstärkter Form, an engem verstärkte Mooss um Terrain maachen. Dës Appré-ciatioun vum Minister, oder vun der Regierung, gëtt och vun der CSV-Fraktioun gedeelt.

Dee Fong fir militäresch Équipe-menter, dee mer haut reaktivéieren, ass agesat gi fir deene groussen Investissementen, déi am militä-resche Beräich néideg sinn, kënnen méi flexibel ze begéinen. Grad elo wou mir amgaange sinn déi finan-ziell Implikatioun vun der Coacqui-sitioun vun engem militäreschen Transportfliger ze berechnen - d'Schëff ass jo net méi direkt op der Dagesuerdnung -, drängt sech eng Verlängerung vum Fong sen-ger Existenz op. Natierlech ass och anert Material, wat d'Arméi brauch, wéi zum Beispill zur Opklärung géee-gent Autoe respektiv Jeepen, deier genuch, fir d'Acquisitioun iw-

wert eng länger Zäit ze strecken, wat net direkt iwwert de Budget geet. Dofir brauche mer eben dëse Finanzéierungsfong.

Iwwert de Fliger an d'Schëff ass vill polemiséiert ginn. Dass mir elo d'Schëff net matkafen, dierft jo op d'Halschent vun der Polemik och zrëckgoen, well mer jo ëmmer vir-gehäit kruten, mir géifen nëmmen een Deel oder d'Halschent vun en-gem Schëff finanzéieren. An dach op dacks vill iwwerflächlech Ma-néier ass mat Slogane ronderëm geworf ginn, an och déi parlamen-taresch Opposition huet sech an dësem Kontext net mat Ruhm be-leckert. Et zeugt nämlech net vun terribel vill politeschem Seriö, wann een einfach refuséiert de Sënn an den Zweck vun esou Acquisitiou-nen anzegesinn an duerfir hefteg der Regierung d'Folie des gran-deurs virzwerfen. Mir kafe keen hallwe Fliger, dee mer op de Findel stellen, fir dass mer solle weisen, dass mer eng Loftwaff hunn, an ech denken och dass mer kee Schëff kafen a bei mir um Stau vi-run Anker setzen, fir ze weisen, dass mer eng Marine hunn.

*(Interruption)*

Mä wat mer maache wëllen, ass e finanzielle Bäitrag zur Acquisitioun vun engem Fliger duerch d'Belsch ze leeschten, och wann dës Ak-tioun oder Acquisitioun wuel vun 2014 op 2017 zrëckgesat ginn ass. Domat weise mir och eis Determi-nation, zesumme mat der bel-scher Arméi Presenz an der Realitéit vun der europäescher Sécher-heets- a Verteidigungspolitik ze markéieren. Dëst ass eng nei, eng méi ambitiéis Ausrichtung vun eiser Politik an deem Beräich, mä si ass méi wéi gerechtfertegt. Ech deelen der Regierung hir Mee-nung, a meng Fraktioun och, dass déi aktiv Participatioun un den Ef-forte fir Fridden a Stabilitéierung vu Krichsgebitter sech net kann op d'Scheckbuch beschränken. Grad esou wéi d'Zaldote vun der Lëtze-buerger Arméi mussen un interna-tionalen Asätz deelhuefen, grad esou wéi mer am Eurocorps mat-maachen, esou mussen mir och um logistesche Plang eise Bäitrag zum Entstoe vun enger europäescher Verteidigungs- an Arméistruktur leeschten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mir de Militärfong reakti-véieren an domat wichteg Investi-sementer am Arméimaterial er-méiglechen, da begi mir weider de Wee vun der resoluter Participa-tioun un den europäesche Vertei-degungsefforten an der Integra-tioun vun eiseim Bäitrag an dee bel-schen. Dës Integratioun ass nütz-lech a sënnvoll, well mer zu dësem Zäitpunkt - an dee riskéiert ze dau-eren - keng wierklech eegestänneg Contributioun u Leit a Material fir Asätz kënnen leeschten. Et sinn zum gréissten Deel belsch Offizéier - an den Här Rippinger huet et virdu gesot -, déi eis Offizéier ausbilden, an et sinn och si, déi eis ëmmer erëm mat Material aushëllefen, wat mir net hunn. All dëst si gutt Grënn fir eng ganz wäitgehend Integra-tioun vun eise Leit an eiseim Mate-rial an déi belsch Contributioun zu den europäesche Verteidigungs-initiativen ze bedreiwen. An dëse Kontext schreibe sech och déi zukünfteg nei militäresch Investi-sementer an, déi iwwert dee reakti-véierte Fong wäerte finanziert ginn.

D'Reaktivatioun vum Fong ass an der Zäit net begrenzt, a mir schwätze vun engem Planungs- a Finanzéierungshorizont am militä-resche Beräich bis 2020. Wéi e geschafe gouf, war seng Liewens-dauer op fënnef Joer begrenzt ginn. Wa mir esou eppes elo net méi maachen, da virun allem well mir kënnen dovunner ausgoen, dass mir einfach eng gewësse Flexibilitéit bei der Finanzéierung vun Equipementer brauchen. Mir erhalen eis ouni zäitlech Aschrän-kung vun den Operatiounen vum

Fong d'Méiglechkeet iwwer länger Zäit, au fur et à mesure wéi Geld do ass, auszeginn, wat mir fir militäresch Zwecker geduecht hunn oder brauchen. An dat ass och gutt esou. Well och a wirtschaftlech méi schwieregen Zäiten, wou jo gären d'Fuerderung no Prioritéite bei de staatlechen Ausgaben erhuewe gëtt, si mir net vun der Pflicht entbonnen, eis Verdeidegung sécherzestellen an de Fridden an Europa ze fördern.

Bedrounge fir eis Sécherheet an de Fridde verschwannen net vun eleng, well d'State manner Steierrecetten hunn. Dofir ass d'Verdeidegung eng Prioritéit, och fir Lëtzebuerg, och wa mir e klengt Land sinn, an dofir musse mir och an deem Beräich Investissementer maache fir eis Verantwortung an Europa ze huelen. Dat ass meng Meinung, an dat ass och d'Meenung vun der CSV-Fraktioun, an dofir géif ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Gesetzesprojet bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Hâr Loes. Als Nächsten ass den Hâr Bodry ageschriwwen. Hâr Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Regierungsprojet beweegt sech a senger Grondausrichtung an der Logik vun der viregter Regierung, niddergeschríwen am Gesetz vun 1997, wou iwwert d'erstmolegt Schafe vun engem Investitiounsfong fir militäresch Équiperementer soll garantéiert ginn, dass d'Lëtzebuurger Arméi och an Zukunft fir d'Exekutioun vun hire sëllege Missiounen, sief et op nationalem Plang, mä besonnesch och op internationalem Plang, iwwert e modernt a performant Équipement verfüge soll.

Et schéngt mer kloer ze sinn, dass, wann ee jo seet zu eiser NATO-Memberschaft, wann ee jo seet zu der Bedeelegung vun der Lëtzebuurger Arméi bei Friddensmissiounen, wann een och jo seet zur europäescher Sécherheets- a Verdeidegungspolitik, da muss een natierlech och d'Lëtzebuurger Arméi an de Stand setzen, hir Missiounen kënnen ënnert uerdentleche Konditiounen ze erfëllen an hirer Missioun also insgesamt um Terrain och kënnen gerecht ze ginn.

An der Vergaangenheet ass dat probéiert ginn doduerjer, dass mer nei Transportgefierer, d'Camione fir d'Arméi ugeschaaft hunn - dat war e Bestanddeel vun deem éischte Fénnefjoresplang -, dass licht gepanzert Gefierer ugeschaaft gi sinn, nei Waffen, a schlussendlech och nei Investissementer am Beräich vun de Kommunikatiounsmëttelen a vun der Informatik. Sengerzäit, 1997, hat een d'Optik geholl fir, ähnlech wéi dat am Sport, am Tourismus de Fall ass, de Wee ze huele vun engem Fénnefjoresplang, gekoppelt mat der Schaffung vun engem speziellen Investissementsfong. D'Ursaachen, deemools wéi haut, sinn eigentlech déiselwecht bliwwen: Et ass drëm gaangen, an et geet och haut nach drëm, fir eigentlech méi Flexibilitéit an d'budgetär Regeln eranze kréien, fir ewech kënnen ze komme vun der Regel vun der Annualitéit, iwwert de Wee vun engem Investissementsfong, well besonnesch am militäresche Beräich et traditionell laang Liwwerungsfriste ginn, well et och néideg ass, oft d'Gesamtcommande fir grouss Stéckzuelen ze maachen, an duerfir mengen ech ass et wichteg, dass een déi Flexibilitéit vun de budgetäre Regele kritt.

D'zweet Ursaach ass déi fir der Arméi selwer an eisem Effort am Beräich vun den Investissementer, am Beräich vun de Militärequipementer méi Stabilitéit ze ginn, dat heescht eng gewësse Sécherheet ze hunn, eng Gewährleeschung ze hunn, dass e bestëmmten Ni-

veau vun Investissementer iwwer eng Rei vu Jore fir d'Arméi garantéiert bleift, fir dass et net zu ze villen Zickzackbewegungen eigentlech am Beräich vun den Investissementer an der Arméi kënn. Souwäit, sou gutt. Do si mer eis sécherlech driwwer eens.

Wann Dir awer e bëssen zrëckkuckt, an et kuckt een 1997 an d'Debatten hei an der Chamber, da stellt ee fest, dass deemools - dat wonnert een, nodeem een de Rapporteur elo hei gehéiert huet -: d'Demokratesch Partei, wéi iwwregens déi Gréng, haten d'Gesetz 1997 net gestëmmt. Si hunn hir Zoustëmmung deem Gesetz verweigert.

(**Interruption et hilarité**)

An haut geet d'DP hin an iwwerhélt d'Roll vum Rapporteur a seet eigentlech haut Jo zu deem, wou se viru sechs Joer net wollt Jo soen.

(**Interruptions diverses**)

Ech muss lech soen, dat deet een e bësse schmunzelen an deem heite Fall.

(**Interruptions**)

Ech bedauern, dass also do de Rapport vum Hâr Rippinger e bëssen onkomplett war an dass en net op déi Episod do vun 1997 agaan ass. Dat beweist...

Une voix.- Hâr Bodry, dat steet net am Projet de loi, dat doten!

(**Hilarité**)

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech hunn natierlech gëschter all déi Debatten do nogelies. Et war ganz interessant, wat deemools de mandatéierten DP-Sprieche, deem zoufällg och scho Jean-Paul Rippinger geheescht huet, wéi haut de Rapporteur, behaupt huet, a wat en dann haut zu dârselwechter Iddi behaupt.

(**Interruptions et coups de cloche de la Présidence**)

Op jidde Fall ass et, dat wësse mer, net fir d'éischt, dass d'Demokratesch Partei sech e bëssen op de Kënn späizt. Si huet ewell Routine doranner kritt, mais il n'est jamais trop tard pour bien faire. Mä si sollt awer esou éierlech sinn an haut vläicht zouginn, dass déi Argumenter, déi se deemools gebraucht huet fir d'Gesetz net ze stëmmen, falsch waren. Si sollt also hei e Mea-culpa maachen. Dat géif - mengen ech - de politeschen Anstand verlaangen.

(**Interruptions**)

Dese Gesetzesprojet beinhalt awer eng Rei vun Ännerungen, och an der Approche par rapport zu dem Gesetzesprojet vun 1997. Op déi Ännerunge wollt ech awer besonnesch hei och a menger Intervention agoen. D'Regierung weicht of vun dem Prinzip vun enger mëttelfristeger Planung vu fénnef Joer a geet hin op eng laangfristeg, bal ganz laangfristeg Planung, well se eigentlech vun engem Investitiounsprogramm schwätzt vun 2003 bis 2014 a vläicht souguer doriwwer eraus, deem da soll fir déi gréisser Investissementer preziséiert ginn iwwer e Spezialgesetz oder iwwer Spezialgesetzter.

Si huet Argumenter fir dat ze maachen. Mä et ass awer fir d'éischt, datt an engem Regierungsdokument iwwerhaapt vun engem Plang a Besuch vun engem Investitiounsfong geschwat gëtt, deem iwwer eigentlech de Beräich vu fénnef Joer erausgeet. Et muss ee sech d'Fro stellen, ob ee kann iwwer fénnef Joer iwwerhaapt eng Planung zeguttst maachen, well do einfach esou vill Inconnuen erakommen, dass ee wahrscheinlech muss andauernd Adjustementer vun där Programmation do virhuelen. Mä et gëtt awer Argumenter fir an deem spezifische Fall hei d'Optik ze changéieren.

Déi zweet Ännerung, déi duerch dat Gesetz hei kënn, an déi werft awer trotzdeem eng Rei vu Froen

op, wou eigentlech de Budgetsminister dee wier, dee misst drop äntwerten, an net esou séier hei den Défenseminister. Dat ass, dass de Fong an Zukunft net méi soll nëmme kënnen gespeist ginn iwwer Dotatiounen iwwert de Budget, wat jo normal ass fir all Investitiounsfongen, mä esou an deem elitäre Krees vun den Investitiounsfongen era-kënn, déi de Privileg hunn och dâerfe gespeist ze ginn iwwer en Emprunt, deem een ophëlt. Menges Wëssens sinn et bis elo haapt-sächlech nëmmen de Fonds des routes an de Fonds du rail, déi dat dâerfen. D'Regierung benotzt dat Instrument jo och ganz klassesch an deem Joer a wëllt och nach déi nächst Jore se benotzen, well se elo scho praktesch gesot hunn, dass elo fir déi nächst Jore solle jeeeweils 130 bis 150 Milliounen Euro Emprunté getätegt gi vun deenen zwee Fongen, dem Fonds du rail an dem Fonds des routes.

Wéisou - dat ass meng Fro - déi Ännerung an der traditioneller Regierungspolioun, un där besonnesch ëmmer d'Budgetsministeren festgehalten hunn, déi wierklech mat Hänn a mat Féiss sech dergéint gewiert hunn, dass nach solle weider Fonge kënnen iwwer Emprunt gespeist ginn? Wéisou dee plötzlechen Émschwong an der Haltung vun der Regierung? Wéisou mécht d'Regierung déi Ouverture nëmme bei deem heite Fong, de Fong vun de militäreschen Equipementer, an net bei aneren Investitiounsfonge vum Stat, wou sécherlech wuel genauso een dréngenden, wann net nach méi en dréngende Besoin de financement besteet a wou ee vu méi grouse politesche Prioritéite ka schwätzen?

Ech denken, dee Sujet hu mer jo laang haut diskutéiert. De Fong, deem d'Spideeler ugeet, dâerf net finanziert ginn iwwer en Emprunt. Ech denken un de speziellen Investitiounsfong iwwert d'Schoulen, eng absolut Prioritéit, iwwert déi mer eis eens sinn, deem och an der Zukunft net dotéiert dâerf ginn iwwer Emprunt. Firwat also geet d'Regierung hin an hëlt sech deem heite Fong eraus a seet, deem dâerf niewent den normalen Dotatiounen och een eegenen Emprunt ophuelen? Wou ass d'Kohärenz eigentlech an der Regierungspolitik bei sämtleche Fongen?

Geet et hei vläicht dorëm, éischstens mol, dass een dann an deene Statistiken, déi d'Defizitberechnung vum Budget uginn, Zuelen op Bréssel ka schécken, déi méi favorable fir Lëtzebuerg sinn, well déi doten Emprunten, déi iwwert d'Fonge lafen, net müssen op Bréssel gemellt ginn a sech net an de Statistiken iwwert d'Verschëldung an den Defizit vun de Staatshaushalter erëmispigelen? Kann et eventuell domadder ze dinn hunn? Oder huet et vläicht och domadder ze dinn - dat eent schléisst dat anert net aus -, dass ee wëllt an enger politescher Diskussioun iwwert d'Prioritéiten deem Equipementsfong fir d'Militär eraushalen a soen, dee mécht säin Emprunt, an da brauche mer net doriwwer ze streiden, wat dee wum Kuch kritt vun de jährechen Dotatiounen? - Dee mécht säin Emprunt, an dann ass all politesch Diskussioun am Virfeld eriwuer.

Do stelle sech eng ganz Rëtsch vu Froen, an deene weder d'Regierungsdokumente nach bis elo och d'Explikatiounen, déi d'Regierungsvertreieder ginn hunn an der zoustänneger Kommissioun, iergendwéi e bësse Licht an déi Onkohärenz vun der Regierungspolitik, wat d'Fongen ugeet, era-bruecht hunn. Mir wiere frou, wann d'Regierung haut kënn eng kloer Sprooch schwätzen a soen, wéisou se hei esou verfuere ass a wat dat dote bedeit fir d'Gesamtpolitik, wat d'Fonge vum Stat ugeet.

Erstaunlech ass och eigentlech, dass am Regierungsdokument am Exposé des motifs vun deem Projet de loi dovunner Rieds geet, dass d'Regierung e laangjährege Programme d'investissement arrétiert hätt, also festgeluecht hätt, an dass d'Chamber keng Kenntnis huet vun deem Programm. Ech zitéieren hei aus dem Exposé des motifs vum Projet de loi: „Or, dans l'optique d'une participation luxembourgeoise crédible aux efforts de stabilisation et de maintien de la paix sur le continent européen, le Gouvernement a arrêté un deuxième programme d'investissement supposé couvrir la période de 2003 à 2014.“ Enn vun deem Zitat.

Mir verlaangen als sozialistesche Fraktioun, dass d'Regierung dëst Dokument, dese Programm, dee se arrétiert huet scho praktesch virun engem Joer, op den Dësch vun der Chamber leet, fir dass mer hei net eng Kaz am Sak kafen, mä dass mer wëssen, wou d'Regierung no hirem Kenntnisstand vun haut wëll higoen. Dat ass jo de grouse Qualitéitsoffall eigentlech par rapport zum viregte Projet vun 1997, wou prezis dra war, déi an déi Équiperementer kafe mer fir dee Käschtepunkt an där dote Stéckzuel. Dat wësse mer hei net. Dat solle mer gewuer ginn deelweis a Spezialgesetzter, vun deenen ech awer net weess, ob dës Regierung nach wëlles huet iwwerhaapt ee vun deene Spezialgesetzter an d'legislativ Prozedur eranzeginn.

Et muss ee sech also eng Rei vu Froen stellen, firwat d'Regierung net eigentlech Cartes sur table spillt a sämtlech Donnéeën op den Dësch leet. Wat huet se ze verstoppen? Firwat soll een net offen a fair hei iwwert d'Prioritéiten diskutéieren an doriwwer, wat d'Regierung wëlles huet? Undeituungsweis, selbstverständlech, huet se eng Rei vun Indikatiounen ginn iwwert déi lescht Joren, déi och schonns jo mannegfaltg kommentéiert gi sinn a wou mir och hei als sozialistesche Fraktioun eis Reserven zu där enger oder där anerer Investissementsiddi ugemellt hunn, well déi an eisen Ae wiesensfriem ass zu der Orientéierung vun der Lëtzebuurger Arméi bis elo.

Mir hu keng Loftwaff, mir hu keng Marine. Duerfir dâerf een awer, egal wat den Hâr Loes hei virdrun am Numm vun der CSV deklaréiert huet, d'Fro stellen, ob et normal ass, dass Lëtzebuerg participéiert am Akaf vu Fligieren, schweieren Transportfligieren, an an och participéiert am Akaf vu schweieren Transportschëffer, woubäi jo dee Projet elo, et schéngt net duerch eis Awierkung, mä duech d'Déci-sioun vun aneren, definitiv buede gaangen ass - wat jo bei e Schëff passt.

D'Fro ass also: Wat gesäit d'Regierung vir fir déi nächst Joren? Ech hunn och aus de Budgetsdokumente erausgelies, dass zum Beispill fir 2004 eng Dotatioun iwwert de Budget virgesinn ass vu 5 Milliounen Euro, deem awer da sprunghaft ab 2005 an d'Luucht geet op 22 Milliounen Euro; an dat soll déi Joren drop och nach esou virugoen.

Wat soll domadder finanziert ginn? An huet d'Regierung sech scho Gedanke gemaach, oder dréit se iwwerhaapt mat deem Gedanken, fir elo deem Investissement, dee se wollt an d'Transportschëff maachen, vläicht op eng aner Plaz ze investéieren, fir e gewëssen Niveau vun Investissementer ze halen?

Also mir hätte gären - an dat ass mengen ech och eng Bedingung, déi mir ganz kloer un den Accord zu deem Projet de loi stellen - méi Kloerheet an där doter Fro. Mir hâte gären, dass mer dee Programme d'investissement - dee jo anscheinend besteet, well et gëtt sech am Regierungsdokument drop referéiert - hei an der Chamber presentéiert kréien, dass mer dann och kënnen an deenen

nächste Wochen driwwer diskutéieren.

An deem Sënn brénge mer, och als sozialistesche Fraktioun, eng Motion an, wou mer also d'Regierung opfuerdere, dee Programm do ze veröffentlechen, fir dass en dann och kann an aller Offenheet, an aller Transparenz an an aller Dialogbereitschaft diskutéiert ginn.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi N° 5094 portant réactivation du fonds d'équipement militaire entend créer une base légale au paiement des dépenses occasionnées par les investissements dans les capacités et moyens militaires;*

*- considérant que le Gouvernement a déclaré avoir arrêté un programme d'investissement supposé couvrir la période 2003 à 2014;*

*- considérant qu'il échet, dans un souci de transparence, d'engager un débat public au sujet des dépenses budgétaires liées à la programmation financière militaire décidée par le Gouvernement, ceci notamment dans l'optique d'une planification à long terme des dépenses en capital de l'État;*

*invite le Gouvernement*

*- de rendre public le détail du programme d'investissement à long terme arrêté par le Gouvernement en matière d'équipements militaires.*

(s.) Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

Wann d'Regierung bereet ass, deem Folleg ze leeschten, da wäert eis Fraktioun selbstverständlech deem heite Projet stëmmen, deem eng logesch Suite ass vum Gesetz vun 1997.

Merci.

M. le Président.- Merci, Hâr Bodry. Den nächste Riedner ass den Hâr Jacques-Yves Henckes. Hâr Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee Militärpolitik diskutéiert zu Lëtzebuerg, da wësse mer alleguerten, datt mer zu Lëtzebuerg net grad déi gréisste militäresche Traditionen hunn. Mä nach ass Lëtzebuerg e Memberland vun der Europäescher Unioun, vun der UEO a vun der NATO.

Et ginn an Europa zwou Militärdoktrinen - wann een dat esou kéint soen -, déi eng, déi Europa als e verlängerten Aarm vun Amerika gesinn a wou déi eenzel Natiounen dann alles dat solle maachen an dinn, wat Amerika décidéiert. An op där anerer Säit déi Optioun, déi dorobber hin erausgeet, datt mer an enger multipolarer Welt sinn, datt géigendeeleg Intérête gegebenefalls kënnen bestoen tëschent Europa an Amerika an datt et wichteg ass, datt d'Europäesche Unioun eng eege militäresche Kraaft huet, wou se kann intervenéieren wann et néideg ass, a wou se net brauch onbedéngt op Amerika zrëckze-gräifen, fir kënnen eng Intervention ze maachen.

Deen zweete Volet dee wichteg ass, dat ass dee vun der humanitärer Hëllef, an där een och muss de Kaf vu verschiddene militäreschen Equipementer gesinn, well déi och an de Petersberger Missiounen kënnen agesat ginn. An ech mengen dat sinn déi zwou Optiounen, an där mir de Kontext vun deem Projet de loi gesinn.

Mir hunn ons ëmmer ganz kloer dofir ausgedréckt, datt mer als Lëtzebuurger Land müssen un humanitäre groussen Aktiounen deel-huelen, wann et nëmme méiglech ass, a mir hunn dat och bis elo an der Vergaangenheet, iwwert de Wee vun enger Luftfahrtgesellschaft, déi hei zu Lëtzebuerg ass, entweder iwwer Boeingen oder méi oft am Gebrauch iwwer Antonoven,

well dat dee gréisste Fliger war, deem och effektiv am beschte fir déi Missioun gëeegent war, gemaach.

Mir kënnen mat där Optioun vum militäreschen och d'accord sinn, well et noutwendeg ass, datt mer dee Beitrag, dee mer um Niveau vun der NATO a vun der Europäescher Unioun, virgesinn hunn, fir eng onofhängeg militäresch Force an Europa ze hunn. Et ass och verständlech, datt Lëtzebuerg muss, wann et wëllt u gréisseren Investitiounen Deel huelen, deem Ablack e Fonds d'équipement militaire schafen, respektiv, wéi an dësem Fall, reaktivéiert. Mat där Optioun kënnen mer also och d'accord sinn.

#### (M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Wou mer Hésitatiounen hunn, dat ass iwwert den Invest, woufir déi Suen do solle gebraucht ginn. Aus deem wat mer an der Vergaangenheet hei vun der Regierung gewuer gi sinn, waren da fir d'éischt d'Iddi fir en hallwe Fliger ze kafen zesumme mat der Belsch, en A400M, wou anscheinend elo schonn Optiounen ënnerschriwwen gi sinn a wou Lëtzebuerg méi oder wéiniger obligéiert ass deenen Optiounen do gerecht ze ginn. Mir hu bedauert, datt, ier esou Optiounen ënnerschriwwen ginn, deem Ablack d'Chamber net hiert Wuert huet kënne do matschwätzen. Well et ass net deen Ablack, wou alles ënnerschriwwen ass, wou een nach eppes ka réckgängeg maachen. Jidderee weess, datt wann een esou eng Optioun fir e Fliger ze kafen ënnerschreift, dann ass et ganz ganz schwéier, fir dorauserauszekommen. Et ass och esou, datt deen Invest selwer, deen do virgesinn ass, immens important ass. Verschidde Länner stellen en a Fro an dat ass och nach eng Hypothék, déi bei deenen Investitiounen besteet.

Déi zweet Optioun, déi an der Tëschenzäit vun der Regierung fale gelooss ginn ass, well déi Belsch Regierung net bereet war fir mat op dee Wee ze goen, dat ass déi fir e Véierels-Schéff ze kafen. Och do muss ech soen, datt dat an onsen Aen net vill Sënn gemaach huet. An ech erënnere mech, datt ech deen Ablack d'Regierung gefrot hat, wéi mer déi lescht Debatten iwwert deeselwechte Sujet haten, ob d'Regierung net wëlles hätt och nach en Zéngtel vun engem Unterseeboot ze kafen, fir op der Musel ermëtzefueren.

Plusieurs voix.- Oh!

#### (Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- An ech mengen dat ass dat, wou et hei drëms geet, datt een déi richteg Optiounen hëlt, an déi Diskussiounen, déi gefouert gi sinn iwwert d'Noutwendegkeet vun engem A400M, déi sinn net nëmmen an dësem Parlament gefouert ginn, déi sinn och an Däitschland an a Frankräich gefouert ginn, an an Däitschland war et guer net esou einfach fir dee Projet duerchezébréngen, well déi Fligeren, déi do solle gebaut ginn, manifestement munch Froen opwerfen a vill Missiounen net kënne erlaben. An et ass dowéinst wou mer bedauren, datt hei an dësem Gesetz net och direkt d'Geleeënheet benotzt ginn ass, fir kloer ze soen, firwat déi Sue solle gebraucht ginn.

Dat ass de Problem, deen an der Diskussioun ass, a wa mir och selwer mam Prinzip vun dem Schafe vun engem Fonds d'équipement militaire d'accord sinn, wa mer och d'Noutwendegkeet gesinn, datt mer musse verschidden Investitiounen laangfristeg plangen, sou bedauere mer, datt kee kloeren Investitiounsplang virläit an datt mer mat deem, wat mer bis elo un Investitiounsplang kennen, net d'accord sinn. Mir mengen, datt et aner Optiounen sinn, déi mer an deem Kader vun onse militäreschen Obligatiounen solle leeschten. Dat ass

um Niveau vun Helikoptere beispillsweis, wou mer och scho Propositionen gemaach haten a wou Lëtzebuerg ganz gutt kéint e valabele Bäitrag leeschten. Dat gesot, wäert d'ADR-Fraktioun sech bei dësem Vote vum Gesetz enthalten.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, den Alex Bodry huet virdrun hei am Ufank vu sengen Interventioun eng Erklärung ofginn, wou e verdäitlech huet, firwat et kéint Sënn maachen, och an deem heite Beräich, iwwert e Fonds d'investissement ze fueren, fir laangfristeg haaptsächlech grouss Investitiounen ofzesécheren a se besser planbar ze maachen. Dat sinn Erklärungen, déi sécherlech alichtend sinn, déi och einfach esou gesi Sënn maachen, wann een dat esou gesäit, an duerfir och esou e Fong wéi dat heite schaaft.

Mir hunn awer nach ëmmer als gréng Fraktioun e generelle Problem mat Investissementer am Militärberäich, net well mer als gréng Fraktioun nach ëmmer um Standpunkt wieren, datt ee guer kee Militär bräicht. Et wier jo eigentlech eng schéi Welt, wann ee kee Militär méi bräicht, mä mir sinn awer net esou naiv datt mer mengen, datt ee kee bräicht an eiser Gesellschaft. Mir hunn awer e Problem domadder, well mer net wësse wou de militäresche Wee an Europa an och zu Lëtzebuerg an deenen nächste Méint a Joren higeet. Den Här Rapporteur vun der CSV huet hei virdu gemengt ze soen, et misst een eleng wéinst den Ustrengungen um europäeschen...

Pardon, neen, de Spriecher vun der CSV, den Här Loes hat ech gemengt.

Une voix.- Dir kënnt lech vläicht entschëllegen, mä trotzdem!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Kommt, mer bleiwen awer korrekt, ech mengen den Här Loes.

Une voix.- Den Här Loes als Symbiose.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Den Här Loes huet als Symbiose jo net als Rapporteur natierlech vum Projet, mä als Rapporteur vun der CSV, hei gemengt misen ze soen, datt am Kader vun der europäescher Verdeidigung esou eppes wéi dat heiten och eleng géng Sënn maachen.

Ech wëll dem Här Loes soen: Do froen ech mech, wéi en dorobber kënnt, well wéi d'europäesch Verdeidigung soll ausgesinn an deenen nächste Méint a Joren, dat ass e grousst Fragezeichen. Ech weess net ob hien oder seng Fraktioun do scho besser ageweit ass, ech mengen dat net. Et weess ee just, datt e gewëssene Wunsch besteet an der Europäescher Unioun, deen och bekräftegt ginn ass um leschte CIG-Sommet, fir an déi Richtung ze goen, mä wou et genau higeet a wéi dat soll ausgestallt ginn, dat weess de Moment nach kee Mënsch. Dofir kann ee sech beim beschte Wëllen net dorobber referéieren.

Wat mer awer haut scho wëssen, datt ass deen Drock dee gemaach gëtt op internationalem Plang vun der aktueller US-Administratioun op d'NATO-Memberstaaten an och op Lëtzebuerg, nämlech deen Drock, wou mer jo dee berühmte Chiffer nach alleguer am Kapp hunn, deen an d'Welt gesat ginn ass virun enger Rei Méint, wou déi nei amerikanesch Administratioun verlaangt, datt an Zukunft all NATO-Member muss mindestens 2% vu sengem PIB a Rüstungsausgaben an a Militärausgabe stichen. Dat ass awer eng Zuel, wou

ech weess, datt den Arméiminister selwer net mat där Zuel d'accord ass.

#### (Interruption)

Ech wëll selbsverständlech him elo net domadder ënnerstellen, datt hien déi Meenung och deelt an der Iwwerzeegung, datt Lëtzebuerg misst op dee Wee goen, mä zumindest wësse mer, datt do e gewëssenen Drock besteet.

A fir e Verglach ze gi wat dat kënnt bedeuten: Mir sinn de Moment an der Kooperatioun bei ronn 0,80% vum PIB. Dat mécht ongeféier 180 Milliounen Euro aus. Da kënnt Der lech jo virstellen, wann an déi do Richtung weider Drock gemaach gëtt eis missten ze bewegen, dat heescht fir wäit iwwert 1% nëmmen ze goen, wat fir e gewaltege Chiffer am Verhältnis zu haut vun eisem Statsbudget misst a Rüstungsausgabe goen. An dat ass natierlech eng Approche wou mir als Gréng op kee Fall kënne domat d'accord sinn. Mir sinn der Meenung, datt ee seng international Verflichtunge fir d'Sécherung vum Fridden op engem anere Wee muss garantéieren a säi Bäitrag dozou bäidroen wéi iwwert deen doten.

A well dat nach alles onkloer ass, wou d'europäesch Verdeidigungspolitik higeet, nach net ganz kloer ass, wéini soll ausgestallt ginn, a well mer wëssen, datt viles de Moment decidéiert gëtt ënnert dem Drock vun den Amerikaner an deem dote Beräich, kënnen mer net d'accord si mat där Richtung, an déi mer de Moment ginn.

En zweete Punkt, wou mer eis awer och déi nämlech Froe stelle wéi d'sozialistesche Fraktioun, dat ass deen, deen den Alex Bodry hei och opgezeechent huet, dat ass deen, datt mer op de Wee gi fir dem Fong do Emprunten ze erméiglechen. Och do stelle mer eis déi nämlech Froen, déi den Här Bodry hei schonn opgeworf huet a wou mer frou wäeren, wa mer Äntwerten dorobber kréichen.

Mä den Haaptpunkt fir eis ass awer nach ëmmer deen éischten, deen ech gesot hunn, an dat ass och de Grond firwat mer dëst Gesetz net wäerte stëmmen, mä eis wäerten enthalten.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert ass elo un der Regierung. Den Här Minister Charles Goerens huet d'Wuert.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi e gemaach huet, och an deem Explikatiounseffort, deen en esouwuel a senger schrëftlecher wéi a senger mündlecher Versioun hei gemaach huet. Den Alex Bodry huet et natierlech net verpasst, fir en drun ze erënnere, datt en 1997 bei esou engem Fong net d'Ennerstëtzung vun der Demokratescher Partei hat. Ech kann lech awer versécheren, Här Bodry, et ass net dofir wou d'Demokratesch Partei d'Wahle gewonnen huet.

#### (Hilarité)

Ech ka mech och net vun der Demokratescher Partei vun deemools désolidariséieren, well ech war net an der Chamber. Ech weess och net, wéi d'Debatte gelaf sinn deemools. Mä loosst mer emol soen, comparaison par raison. Wann dat deemools da gemaach ginn ass, ob dat richteg oder falsch war, dat muss sech nach erweisen. D'Geschicht wäert eng kéier doriwwer berichten, géng ech soen.

#### (Interruptions diverses)

Här President, Spaass bäsäit. Ech wollt op déi Froe kommen, déi am

Zesummenhank vum Projet gestallt goufen. Fir et direkt op de Punkt ze bréngen, den Här Bodry huet eng Motioun déposéiert, wou e gesot huet, datt e seng Zoustëmmung zu deem Projet de loi géng ofhängeg maache vun der Publikatioun vum Investissementsprogramm à long terme. Ech kann lech soe wat an deem Investissementsprogramm virgesinn ass, an deem mir och an der Défense-Direktioun an am Ministère des Affaires étrangères an och zesumme mat der Regierung diskutéiert hunn.

Dat sinn zwou gréisser Kategorie vum Dépensen. Déi eng ass déi vum Airbus A400M, dee soll 2017 geliwwert ginn. Ech kommen herno och nach drop zrëck firwat. An deen aneren ass den Équipement vun der Lëtzebuerger Arméi mat Véhicules légèrement blindés. Do si mer amgaange mat de Belsch e Wee ze fannen, wéi mer kënne eng Acquisition en commun maachen, well mer en direkten Intérêt drun hu fir déiselwecht Vehikelen ze kafe wéi d'Belsch, och wéinst de Problemer vun der Interkommunikatioun. Ech mengen, den Här Bodry weess dat, e kennt et méi laang an och besser wéi ech. Dat sinn déi Grënn, firwat datt mer mat de Belsch ugefaangen hunn déi Pisten ze exploréieren.

Mir kënne lech net méi soen a ce stade, well d'Zuel vun deene Vehikelen, déi solle kaaft ginn, hänkt och vum Rekrutement of. Et ass eréischt elo wou mer gesinn, datt mer an eng Phas komme wou mer erëm bal op dat komme wat Dir an Ärer Glanzzäit erreicht hutt vun Zaldoten. Et huet och kee Wäert, datt een am Virfeld eng ganz Partie Véhiculë keeft, déi een net brauch.

Heescht dat elo, datt een nëmme just als Effort de défense soll dat buche wat seng eegen Arméi brauch? Do sinn an der Tëschenzäit och e puer Changementer komm, och nach ënnert där Regierung virdrun, déi ech richteg fanne. Et ass e Katalog vun de Capacitéiten opgestallt ginn, an de Collaire dovunner ass dee fir ze kucken, wat feelt an deene Capacitéiten, fir kënne déi Aufgaben ze bewältegen, déi déi europäesch Regierungen, respektiv d'NATO-Partner sech ginn hunn.

Mir wëssen datt de kale Krich eriwuer ass, datt déi Menace, déi soss ëmmer vermut gouf vu Moskau kommend, total verschwonnen ass an datt do eng Partie Équipementer, déi mir net hunn, mä déi aner Arméien hunn, iwwerflësseg gi sinn an déi nach just gutt si fir de Schrott. Déi hunn e Problem vun Emstellung vun hiren Equipementer op Equipementer, déi gebraucht gi fir déi Missiounen vun haut ze maachen. Dat wat haut gebraucht gëtt, datt ass d'Erkenntnis vun de Stats- a Regierungschefen, déi sech ënnert däitscher Présidence zu Köln Rendez-vous ginn hu virun de leschte Wahlen, dat war 1999 am éischte Semester. Dat ass eng Projektioun vu Forcen an e Foyer, wou et grouss Tensiounen ginn, zum Beispill an de Balkan. Eng Partie Missiounen si scho virun 2000 gemaach ginn. Ech denken zum Beispill un IFOR, SFOR, dat ass d'Missioun a Bosnien. Ech denken och u KFOR, dat ass dat wat mer haut am Kosovo maachen. Ech denken un eng aner Missioun, dat ass déi, déi mer zu Kabul maachen, wou mer mat enger Sektoun vun der Lëtzebuerger Arméi den internationale Flughaf vu Kabul bewaachen.

Wa mer dat do net géinge maachen, géinge mer éischstens engem Appel vun der UNO net follegen, deen doranner besteet fir ebe sech un engem Effort de pacification ze bedeelegen. Dat ass d'Ambitioun vun der Lëtzebuerger Regierung, an alleguer déi Interventiounen, déi ech elo mentionéiert hunn, déi sinn UNO-compatibel, an ech hätt och net eng Initiativ geholl fir Aktiounen ze maachen, déi net UNO-compatibel wieren, an ech sinn Demandeur, datt d'Chamber an all deene Phasen do ganz

staark mat agebaut gëtt. Ech wëll och ganz kloer soen, Här President, wat déi Investissementer do ubelaangt, datt ech der Chamber all déi Prezisiounen ginn hunn, déi ech konnt ginn zu deem Moment an zu deem Zäitpunkt wéi se mir bekannt waren.

Elo kann een natierlech eng Diskussioun féieren, déi kaum iwwert dat Karikaturaalt erauskënnt. Mir kënne elo e ganze Mëttag hei diskutéieren iwwert en halleft Schëff oder e véirels Schëff. Wat ass dann dorunner esou lächerlech, wann ee weess, datt Frankräich ee Moment en Intérêt manifestéiert huet fir sech och drun ze bedeelegen. Wann e Land wéi Frankräich, wat awer schlusslech um militäresche Plang eppes anescht duerstellt wéi d'Belsch a Lëtzebuerg zesummen, bereet ass sech un engem Effort an un engem Investissement ze bedeelegen, wat ass dann dorunner lächerlech wa Lëtzebuerg do e Share geholl hätt vu 25%?

Géng et engem an de Kapp kommen d'Lëtzebuerger Participatioun un engem grouse Betrib, un der ARBED en l'occurrence, lächerlech ze maachen, wann de Lëtzebuerger Stat do eng Participatioun huet vu manner wéi 10%. Et kéim kengem Mënsch an de Kapp fir dat lächerlech ze maachen, well et ass jo praktesch Statsraison, oder zumindest Wirtschaftsraison, fir dat net an d'Lächerlecht ze zéien, well mer der Meenung sinn, datt dat eng gutt Saach ass. Dobäi kontrolléiert Lëtzebuerg dee Betrib net ganz, mä et ass awer eng crédibel Participatioun an a fortiori mengen ech misst een och iwwert dee karikaturale Stadium erauskomme fir déi Efforten do an d'Lächerlecht ze zéien.

Firwat hu mer dat do gemaach? Mä, well d'Fro, menger Meenung no, net abwegeg ass, déi ee sech am Ufank stellt, ob ee sech net soll un engem europäeschen Effort bedeelegen an da kucke fir europäesch Lacunen, déi ënnert europäeschen Aussen- a Défenseministeren uitgemaach gi sinn, ze combléieren. Dat ass menger Meenung no déi Grondfro an déi zentral Fro, déi ee sech muss stellen.

Da ginn et zwou Manéiere fir ze äntworten. Entweder mir équipéiere just eis Arméi, da kafe mer déi Véhicules de reconnaissance, dat ass eng Optioun déi ee kann huelen, oder et seet een, mir kucken, datt mer eis Investissementer esou gestalten, datt mer esouwuel engersäits e crédibelen Effort maache fir déi Capacitéiten an déi Lacunen ze fëllen, déi et an deene selwechte ginn; an ech géng den Här Bausch am léifste froen, e soll mer de Verbatim gi vum Här Joschka Fischer senger Äntwert op eng Fro, déi en u Geeseknäppche gestallt kritt huet, firwat datt mer strategesch Transportcapacitéite brauchen, do ass déi ganz Argumentatioun dran. Wann ee wëllt op Kabul goen, a wëssend, datt nëmme just Afghanistan zougänglech ass iwwert deen dote Flughafen, souwuel fir d'humanitär Hëllef wéi och fir den Effort de pacification, deen do gemaach gëtt, wéi och fir déi Missiounen vun der UNO, da muss ee wëssen, datt déi dräi Missiounen do nëmme just kënne erfëllt ginn, wann ee wéinstens eng Plaz huet wou ee ka mat enger approximativer Sécherheet landen. Eng absolut Sécherheet gëtt et do net. Dat mécht een net mat der Schubkar, och net mam Velo an och net mat engem Véhicule légèrement blindé.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Si hunn nach all kéiers alles bezuelt kritt.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- Ech hunn nëmme gesicht, Här Bausch, ech hu mech referéiert, well Dir warscheinlech dee sidd deen am schnellsten un de Verbatim vum Här Joschka Fischer senger Ried kënnt.

M. François Bausch (*DÉ GRÉNG*).- Dat widdersprécht sech guer net!

(*Hilarité*)

Neen, neen, dat widdersprécht sech och net, neen, neen!

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- Dat widdersprécht guer net deem wat Dir gesot hutt. Dofir, mengen ech, ass et net abwegeg fir ze soen: Et ass sënnvoll, datt ee versicht eng Contributioun ze leeschten, déi eng Lacune stoppt um europäesche Plang. D'Hollänner an déi Däitsch investéieren zesummen zum Beispill am Beräich vum Véhicule de reconnaissance. Holland an Däitschland investéieren zum Beispill zesummen am Beräich vun de Fligeren, vun de Flugcapacitéiten. Hei ass kee Bomber, wéi vläicht verschidde Leit gemengt hunn, hei ass eng strategesch Transportcapacitéit.

Firwat ass deen Typ do geholl ginn an net den Antonov? Här Henckes, déi Fro ass absolut berechtegt. Een Deel vun der Äntwert, ouni den Usproch ze erhiewen et wär eng komplett Äntwert op déi vun lech opgeworfe Fro, dat ass deen, datt et hei och drëm geet fir eng europäesch Technologie ze entwéckelen. Do ass en Typ vun Avion entwéckelt ginn, deem et méiglech ass, op enger extrem kuerzer Landepist ze landen, deen also kann agesat ginn do wou den Antonov - wat en düsenugedriwwene Fliger ass - dat net kënn maachen. E längert Fußballfeld geet duer fir deen heiten Transportfliger landen ze loossen. En ass also extrem wendeg an asazbereet a Krisengebitter, wat och zum Beispill sënnvoll ass am Fall vun enger humanitärer Katastroph, wou déi och kënnen agesat ginn.

D'Schëff ass..., Lëtzebuerg hat och do kee gréissere finanzielle Risiko geholl, well mir hunn net gesot: Mir bezuele 25% vun x. Mir hu gesot, mir bezuele 25% vun deem Devis estimatif, deen eis 2000 virgeluecht ginn ass. Ech soen lech och firwat: Well mir hunn hei zu Lëtzebuerg an der Défense, bei allem Respekt, deen ech menge Collaborateure schëlleg sinn, keng Capacitéit fir e Cahier des charges auszeschaffe fir déi doten Équipementier ze kafen. An ech wëll lech och soen, datt mer, wat d'Ausschreiw vum den Équipementier fir d'Lëtzebuerger Arméi ubelaangt, do nach virun engem risege Problem stinn. Ech kann lech och à ce stade nach net soe wéi mer e léisen. Wa mer op de Marché public ginn, da muss mer wësse wat dat och fir Risiken implizéiert. Wa mer op de Marché de gré à gré ginn, da bleiwe mer ëmmer d'Äntwert schëlleg, firwat datt mer net op de Marché public gaange sinn, wat awer och net esou evident ass.

Une voix.- D'Gesetz erlaabt lech dat.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- D'Gesetz erlaabt eis dat, an ech wëll och do an aller Transparenz mat der Chamber doriwwer diskutéieren, wat fir ee Wee datt mer wielen. Also nach eng Kéier: Déi Équipementier, déi an där pluriannueller Finanzplanung virgesi sinn, datt sinn déi zwee do, méi kann ech à ce stade net soen. Mir hänke ganz staark dovun of wéi d'Belsch virukommen, a mam Ausschaffe vun hirem Cahier des charges, a wann dat sengerliewe géif en ähnleche Wee goe wéi beim Navire de transport stratégique, NTBL, da wäre mer natierlech mat enger neier Situatioun konfrontéiert. Dat sinn am Fong déi Äntwerten, déi ech kann op déi dote Fro ginn.

E iescht Element vun Äntwert op déi opgeworfe Fro: Firwat dat do? Mä ech wëll awer och net dozou bäidroen an och perséinlech net de Complice ginn zu enger Militari-

séierung vu Lëtzebuerg, well mir hu keng Verteidigungskultur a mir wäerten och ni eng kréien, wéi dat a Frankräich an an Däitschland de Fall ass. Firwat also de Choix fir an d'Capacité de transport stratégique ze investéieren? Mä well mer do Zäit hu fir déi puer Leit, déi gebraucht ginn, fir do agesat ze ginn, och virzebereeden. Ech gi jo dovunner aus, datt mer da fir déi hallef Dose Piloten, déi mer brauchen, datt mer dann Zäit hu fir déi am Virfeld virzebereeden. Firwat... Et ass och keen hallwe Fliger, Här Henckes, wëll ech lech soen, et ass e ganzen dee mer kafen, an dee ganzen Acquisitiounsprogramm, dat sinn aacht Fligeren, an déi si geduecht fir déi aktuell strategesch Transportcapacitéit vun de Belsch ze ersetzen. D'Belsch fléien am Moment mat Herkulesen oder C130, wéi se genannt ginn an der Fachsprooch, an dat sinn Apparaten, déi si 35 Joer al.

Une voix.- Dat si gutt Maschinnen.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- Jo, dat si gutt Maschinnen, an déi sinn och nogéréscht ginn, an...

Une voix.- Déi brauchen nëmme ganz kuerz Pisten.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- ...an déi hunn eng ganz... Jo, mä et ass en Typ, deen net méi gebaut gëtt, an dofir muss en ersat ginn, an dofir, well se esou gutt sinn, ginn d'Belsch sech och Zäit fir bis un d'Enn vum zweete Jorzéngt, praktesch bis 2018/19/20, hir siwe Fligeren ze kafen. Mir sinn ze kleng fir déi eleng anzesetzen. Dofir soll et och zu engem gemeinsamen Asazplang komme mat de Belsch.

Elo musst Der och wëssen, datt den Zäitpunkt dee vergeet vun der Konzeptioun vun esou engem Typ wéi Airbus A400M bis zu senger Verschrottung mindestens 60 Joer ass. Mindestens 60 Joer! An dat ass d'Justifikatioun firwat datt mer iwwert de Fong fueren. Ech gesinn och net an, firwat datt ee muss an engem Mount eppes cash bezuelt hu wat am Fong vun der Konzeptioun bis zur Verschrottung 60 Joer dauert. Den Här Bodry huet och iwwegens d'Argumenter geliwwert, an och déi aner Virriedner alleguer, firwat datt een op deen dote Wee, op de Wee vum Fong geet, ebe fir déi Piquen do ze écrétéieren an do eng kontinuéierlech Finanzéierung a Berechebarkeit an der budgetärer Planung ze kréien. Dat sinn am Fong d'Elementer déi derfir plädéieren, firwat datt et ëm e Fong geet.

Här Bodry.

M. le Président.- Den Här Bodry wëllt eng Fro stellen.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Et geet jo hei ëm e Finanzéierungs-fong. Dir hutt déi zwee Elementer genannt, déi bei deem Programm hei spillen. Ech ka mer zwar net virstellen, dass dat déi eenzeg sinn. Ech mengen, et muss ee wahrscheinlech och nach nei Camione kafen an esou. Ech ka mer bal net virstellen, dass dat doten déi eenzeg Punkte sinn, déi an deem Programm do dra sinn. Mä wat ass elo de Käschtepunkt vun deem Ganzen?

Dat heescht, d'Fro ass am Fong d'Berechnung, vu wat geet d'Regierung aus wat pro Joer wäert vun Dépensé kommen, wann ee weess, dass an de Regierungsdokumente gesot gëtt, dass de Fong géif gespeist gi mat d'nächst Joer fënnf Milliounen Euro, an dann, ab 2005, 22 Milliounen Euro. Wat sinn also d'Dépensen, wou d'Regierung elo haut dovunner ausgeet, wat iwwert dee Fong jährelech géif lafen?

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.-

Déi Fro ass absolut berechtegt an déi Inscriptiounen, déi och an der pluriannueller Finanzplanung sinn, dat si Wetten op d'Zukunft. Mir musse kucken ob déi vun der Chamber och gestëmmt ginn. Ech hoffen, datt mer se kënnen iwwert de Budget stëmmen, datt mer net brauche Recours ze huelen op en Emprunt. Dat do ass an enger Optik esou an d'pluriannuell Finanzplanung gesat ginn, wou ee provisionéiert. Ouni ze wëssen, zu wéi engem Zäitpunkt datt elo déi Objete fir d'Lëtzebuerger Arméi kauft ginn, hu mer awer wëlles ze provisionéiere fir dann duerno net musse op de Wee vum Emprunt ze goen.

Déi Véhicules de reconnaissance, wa mer der, méttant, 35 géinge kafen, oder 40 géinge kafen, déi géifen e Betrag ausmaache vu ronn dräi Milliarden där aler Frangen. Dat ass en Investissement, dee kann een iwwer dräi, véier Joer strecken, wann e sech esou verwierklecht. Dat sinn natierlech da ganz déck Beträg déi dee Moment musse vum Budget ofgefouert ginn. Ech sinn oppe fir all Diskussioun a fir all Moyen fir d'Dépensen ze strecken. Bis elo kann ech jiddfalls soen, datt duerch déi kleng Inscriptiounen, déi am Budget vun der Défense an am Fong gemaach goufen, well ech hu manner ausgi wéi Dir, ouni lech dorausser e Reproche ze maachen, et muss ee soen, datt mer och méi zur Berechebarkeit vum Budget bäigedroen hu wéi wa mer elo ganz déck Beträg gemaach hätten.

Mä fir a Periode vu 14, 15 Joer kënnen ze plangen, well et ass an deene Kategorie wou mer musse denken, mengen ech, soll ee sech de Wee och ginn iwwert déi Dotation budgétaire. Ech ginn och dovunner aus, datt mer iergendwann eng Kéier an eng Situatioun kommen, wou et erëm interessant gëtt, och budgetär gesinn, da kann een och iwwert d'Plus-value de recettes budgétaires dee Fong dotéieren. Alles Moosnamen, déi och duerch d'Chamber ginn. A wa mer eng Kéier an enger Stressperiode wäeren, dann ass et gutt dass een dann dee Moment och d'Méiglechkeet huet duerch de Réckgrëff op den Emprunt. Dat ass e Moyen ultime, deen net soll systematesch agesat ginn, et qui plus est, d'Chamber wäert jo och iwwert d'Spezialgesetz konfrontéiert gi mat deenen Ausgaben, déi de Fong belaaschten, an dee Moment gëtt d'Chamber och a voller Transparenz informéiert iwwert déi Moyenen déi solle geholl ginn, fir dat do ze bezuelen.

„Wou geet de militäresche Wee hin?“, huet den Här Bausch gefrot. Dat ass och haut mat absoluter Sécherheet nach net ze beäntweren. Wa mer keen Échec gehat hätten op der Regierungskonferenz, da wäeren elo déi Dispositiounen, iwwert déi sech géeeenegt ginn ass, en vigueur. An da wär nach net alles bekannt, well, wann een d'PESD, esou wéi se geplangt ass, en vigueur setzt, da muss een nach eng Partie Kritäre fannen, déi ënnert deene mussen ausge-maach ginn, déi an enger Coopération structurée matmaachen.

Et ass e bësse komplizéiert, mä d'Europäesch Unioun wär d'accord gewiescht, wann dat do nach den eenzegem Diskussiounspunkt gewiescht wär, fir op de Wee ze goe fir deene Länner ze erlaben, déi méi séier wëlle virgoen a méi wëlle maache wéi déi aner, fir dat ze maachen am Kader vun enger Coopération structurée, wat am Fong näischt anescht ass wéi déi fréier Coopération renforcée.

Déi Missiounen, déi do solle gemaach ginn, mussen UNO-compatibel sinn. Déi kënnen, mussen awer net, ënnert der allengiger Égide vun der Europäescher

Unioun stattfannen. Mä et gëtt dräi Modeller, wou kënnen déi Missiounen agesat sinn. Dat eent ass e rengen NATO-Modell. Dat zweet ass e Modell, deen d'Europäesch Unioun exekutéiert, a wou d'NATO d'Planungsméiglechkeeten der Europäescher Unioun zur Verfügung stellt. An da gëtt et nach en drëtten Szenario, wou d'Europäesch Unioun intervenéiert andeems datt se zrëckgräift op eege Planificatiounsmoosnamen, déi sollen an der Avenue Kortenber installéiert ginn. Dat sinn éischter Missiounen, déi net vläicht grad am Haut de gamme vun de Petersbergmissiounen unzesiedele sinn, mä Missiounen vun engem méi niddrege Charakter.

Zum Drock vun der US-Administratioun. Et stëmmt, datt d'US-Administratioun d'Membere gefrot huet fir 2% vun hirem PIB an d'Défense ze stiechen. Ech soen lech, dat ass carrément...

(*Interruptions*)

D'Amerikaner hätten am léifste gehat, dat do wär e Kritär gewiescht, dee jiddferree berücksichtegt hätt. Ech muss lech soen, ech fannen dat total iwwerdriwwer fir e Land wéi Lëtzebuerg. Ech wëll mol net d'Fro hei opwerfen, ob mer eis et kënnen leeschten oder net. Ofgesinn dovun, datt mer eis dat à ce stade net kënnen leeschten, muss ee sech dach d'Fro stellen, wéi een dat méttel- a laangfristeg gesäit. Well, ech fannen et och net responsabel, an do hu mer an der NATO ëmmer erëm d'Positioun verteidegt vun deene Länner, déi der NATO elo bäitrieden an déi dat do quasi als Kritär operluecht kritt hu mat enger Obligation de résultat.

Wann ech Länner huele wéi Rumänien, wou nach zegdausend Kanner vegetéieren an Orphelinater, wou en enorm héije Prozentsaz vun de Leit ënnert der absoluter Aarmutsgrenz sinn, do mengen ech sinn aner Prioritéite wéi elo massiv an d'Défense ze investéieren. Wann d'NATO e Sënn mécht, dann ass et fir an engem Solidaritéitseffort déi, déi net à même si fir den Effort ze maachen, ze entlaaschten.

Dofir gi mer e Stéck vum Wee, awer net dee ganze Wee, zu deem d'Amerikaner eis invitéiert hunn. Deem Drock vun der US-Administratioun hu mer bis elo stoisch resistéiert. Mir maachen eppes, wat méi ass wéi an der Vergaangeneheet. Ech mengen, politesch kann een an der Europäescher Unioun net ouni deen Effort do bestoen. Dofir maache mer dat. Mir maachen et, ouni datt Lëtzebuerg zu engem Land, wat sech militariséiert, verkënn, well mir wëllen do mat engem Minimum vu Leit, déi gebraucht gi fir déi Capacitéiten do ze bedreiwen, auskommen. Bei den Helikopteren hätt sech nämlech d'Fro gestallt - déi kënnen jo vill méi kuerzfristeg geliwwert ginn. Do wäre ganz vill Leit gebraucht gi fir déi Helikopteren ze bedreiwen. Dann hätte mer erëm missen op Leit zrëckgräifen, déi mer net hunn. Hei hu mer d'Méiglechkeet fir dat an engem raisonnablen Zäitpunkt iwwert d'Joren ze programméieren.

Zum Schluss, Här President, nodeem ech mengen dat Wesentlechst erwähnt ze hunn, wëll ech nach soen, datt mer mussen oppassen, wa mer humanitär a militär an engem Otemzuch nennen. Et ass manner problematesch, wann ee mat engem militäresche Fliger an engem Gebitt lant, wou grad en Erdbiewe war, wann een do mat humanitärer Hëllef ukënn, wéi wann een en Humanitären an engem militäresche Fliger mat an e Krichsgebitt hält. Do muss een extrem gutt oppassen, well d'Internationaalt Rout Kräiz zum Beispill kann op Plazen hikommen, wou e Land, wat an enger militärescher Koalitioun ass, keen Zougank méi huet. Déi kënnen datt nëmme just maachen, well se op eng ganz crédibel Manéier no bausse kënnen veranschaulichen, datt se absolut impartial sinn. Déi wëssen natier-

lech, wéi wäit datt si kënnen goen an der Gestiou vum där Impartialitéit. Do muss een also ganz vill Sensibilitéit zur Saach kréie fir net eng Konfusioun ze maachen tèschent humanitär a militär. Dat gesot, huet jiddferree seng Aufgaben ze erfëllen. An engem an deemselwechte Foyer de tension kënnen se allen zwee present sinn, méi oder weineger komplementär sinn, ouni datt et awer zu enger Confusion des genres soll kommen.

Här President, deen Effort, dee mer hei maachen an dee sech wäert preziséieren a sukzessive Phasen, ass eppes, wa mer deem zoustëmmen, wou mer eis och nach kënnen duerno an d'Ae kucken. Ech weess, datt der hei ganz vill tentéiert sinn net ëmmer esou ze handelen, wéi d'Demokratesch Partei dat gemaach huet. Wann ech d'sozialistesche Kollege kann invitéieren, dann ass et fir mol eng Kéier d'Demokratesch Partei net nozemaachen a fir opgrond vun deenen Explikatiounen, déi ech mengen awer Satisfaktioun ginn, kënnen deem Projet hei zouestëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschlossen. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelkele vum Projet de loi 5094 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5094 ass ugehall mat 47 Jo-Stëmmen an 12 Abstent-iounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou décidéiert.

**Motion**

Mir kommen zu der Motioun, déi den Här Bodry agereecht an och explizéiert huet. Den Här Minister Goerens hält nach eng Kéier Stellung dozou.

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- Här President, ech hu scho Stellung geholl dozou. Ech wëll nach just der Chamber dokumentéieren, datt ech à tout moment bereet si Rendez-vousen ze fanne fir si ze informéieren iwwert de leschte Stand vun den Diskussiounen à propos vun der pluriannueller Finanzplanung an der Arméi.

M. le Président.- Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Ech si bereet déi Motioun zréckzezéien.

Plusieurs voix.- Très bien.

#### (Interruptions diverses)

M. le Président.- Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5222 iwwert d'Schafung vun engem Établissement public „Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation“. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Häre Meyers, Di Bartolomeo, Bettendorf, Colombero an Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alexandre Krieps.

## 2. 5222 - Projet de loi portant création de l'établissement public „Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation“

### Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Alexandre Krieps (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President, a merci, Här Gibéryen. De Moien hu mer d'Adaptatioun vum Finanzéierungsgesetz gestëmmt och fir de Rehazenter. Dat ass also e Gesetz gewiescht, wat de Contenant bestëmmt. De Mëtteg bestëmme mer dat Gesetz iwwert den Établissement public, wat dee Rehazenter géréiere wäert an och während der Konstruktioun begleet wäert, wat also ganz kritesch ass fir de Contenu an d'Ausrichtung vun deem Rehazenter an der Zukunft - dat alles ënnert der Tutelle vum Gesondheitsminister.

De Moien hu mer de parteipoliteschen Historique iwwert d'Entstoe vun deem Rehazenter héieren. Ech brauch also net méi dorobber anzegoen. Souwisou verweisen ech lech op déi schréfflech Virlag, déi Der kritt hutt.

Ech muss soen, dass zu dësem Gesetz de Statsrot zwee Avisen ofginn huet, d'Chambres professionnelles alleguer prinzipiell d'accord ware mat deem Projet an och dann ëmmer ënnerstrach hunn, dass et héich Zäit wier, dass dee Projet hei un d'Goe kéim. D'Chambre des Fonctionnaires huet eng interessant Remarque gemaach, wou mer herno drop zréckkommen, am Rapport mat den Établissements publics, mat dësem am Speziellen an den Établissements publics am Allgemengen. Ech maachen e ganz objektive Bericht, Här Lux.

M. Lucien Lux (*LSAP*).- Ech hunn elo näischt gesot.

M. Alexandre Krieps (*DP*), *rapporteur*.- De Ministère vun der Santé, de Conseil d'État an d'Chamberskommissioun vun der Santé hunn allen dräi an dëser Gesetzesvirlag eng ganz seriö Aarbecht gemaach.

### (Coups de cloche de la Présidence)

Am Artikel 2 huet d'Kommissioun gegleeft, dass d'Missioun vum dësem Établissement public Rehazenter esou breet wéi méiglech gefaast sollte ginn, souwuel wat déi stationär Behandlungen wéi déi ambulänt Behandlungen ugeet, souguer bei Patienten, déi bis doheem kënnte behandelt ginn a speziell kritesch a schwierge Fäll. Och d'Ausbildung an d'Recherche

kommen an deem Artikel 2 net ze kuerz.

Den Artikel 4 bestëmmt d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot, an dat ass relativ interessant, well all déi Membere gi vum Grand-Duc bestëmmt an ënner Emstänn révoquéiert. Wat interessant war, war den Avis vum Conseil d'État, well de Conseil d'État huet versicht, d'Memberen aus deem Verwaltungsrot erauszehalen, déi ze vill Kapen op hätten, wéi mer dat an aneren Établissements publics erlieft hunn. De Conseil d'État huet esouguer plädéiert, dass d'Vertrieder vun de Sozialkeesen, dat heescht d'Krankekeesen an den Unfall, d'Assurance-accident, kee Représentant an deem Gremium sollten hunn, well se jo net selwer mat sech kënnte verhandelen, wéi mer dat och op anere Plazen oft erlieft hunn.

D'Chamberskommissioun fir hiren Deel huet och gegleeft, dass d'Patientenvertreder éischter sollte vun der Regierung matbestëmmt ginn, fir all Interessenkonflikter virzebeugen, dat heescht dass een net „Juge et partie“ zugläich kënnt sinn. Och ass et virgesinn, dass keng Vertreder an deem Conseil virgesi sinn, déi enger Kontrollfunktioon iwwert deem Établissement public hunn. An dat ass bal eng Première fir en Établissement public, mir hunn also net méi d'Leit déi sech och selwer kontrolléieren. De Mandat vun deene Verwaltungsrotsmemberen ass op sechs Joer fir se alleguete gesat ginn, fir eng laangfristeg, kohärent Politik ze garantéieren.

Dëse Rehazenter ass en Établissement hospitalier an esou fällt en och ënnert d'Gesetz vum 28. August 1998, doudsécher fir eng ganz Rei administrativ a comptabel Mesuren. De Conseil d'État an ons Kommissioun hunn och an hirer Majoritéit de Konzept vun den Antennen, wat de Moien ugeschwat ginn ass, am Minett oder am Éislek fale gelooss. Deen heiten Établissement, deen en nationale Referenzcharakter soll hunn, brauch also keng Antennen, an déi Loi de financement, déi Der de Moie gestëmmt hutt, huet déi Antennen iwwerhaapt net méi virgesinn.

Ech wollt nach fënnef Sujeten hei uschwätzen, déi an der Kommissioun diskutéiert gi sinn, ganz kolleegial.

Deen éischte betrëfft de Statut vum Personal. D'Chambre des Fonctionnaires huet sech Suerge gemaach, dass dëst Personal de Statut public misst kréien, an dat laut dem Accord salarial vum 21. Mäerz 2002. Et ass ouni Zweifel hei eng Onsécherheet, mä d'Chamberskommissioun huet gemengt, dass dësem Établissement public säi Personal de Statut sollt kréie wéi an anere Beräicher vum Gesondheitssektor, an do verweise mer op de Centre hospitalier oder de Centre hospitalier neuropsychiatrique an esou virun. Soss kënnt ee souwisou deem Artikel 1 sträichen, wou steet et wier eng Gestion de droit privé. An et wier ouni Zweifel e Réckschlag vu méi wéi 28 Joer, bis virun 1975, wéi den Établissement public Centre hospitalier gegrënnt ginn ass. Also en Établissement public am Gesondheitsberäich oder am kulturelle Beräich, an ech huelen un, dass meng Noriedner dorobber nach wäerten agoen, ass ganz verschidde vun engem puren administrativen Établissement public. Dëse Punkt ass wichteg a wäert och misse vun der Regierung gekläert ginn.

Déi zweet Remarque betrëfft d'Exemption fiscale vun dësem Établissement public. Onse Kolleeg, den honorabele Paul-Henri Meyers, huet déi Fro opgehäit, ënner anerem well en eng ongerecht Konkurrenz tëschent engem Établissement public an enger Privat-institution, déi vläicht déi nämlech Missiounen erfëlle géif, gefaart huet. An dësem Fall muss een zwar soen, dass deen heiten Établissement public keen industriell-

len oder kommerzielle Charakter huet, an dass déi Fro vläicht net esou voll op dësen Établissement public zoutreëft. Et kann ee sech natierlech virstellen, dass d'Recetté vun der Restauratioun an d'Konte vun deenen Établissements afléissen missten, wat an der Vergaangenheet bei verschidden Établissements publics net ëmmer de Fall war.

Déi drëtt Fro betrëfft d'Reprise vun der Rehazenter a.s.b.l. duerch den Établissement public Rehazenter. D'Regierung huet do eng Fiche financière virgeluecht, déi dëse Punkt klärt. D'Scholden vun der Rehazenter a.s.b.l. op den 30. Juni vun dësem Joer plus Zënse ginn iwwerholl, dat ass ongeféier e Montant vu 520.000 Euro, an de Rehazenter kritt och eng Dotation financière vum Spidolsfong an der Héicht vun ongeféier 4.360.000 Euro. Hir Recetten, dat muss ee souwisou bedenken, komme meeschtens vun der UCM, also si sinn opposabel zu der UCM, an dat muss also négociéiert ginn.

E véierte Punkt, deen interessant ass an dëser Gesetzesvirlag: Et si 16 Leit mat dem Hospice civil vun der Stad Lëtzebuerg verbonnen. Déi ginn och am Prinzip iwwerholl, an den Hospice civil gëtt dofir entschidedt.

E fënnefte Punkt, deen och de Moien ugeschwat ginn ass, ass déi Affär vum „ante legem“, well virun engem Mount ugefaange ginn ass ze baggeren, an am schréffleche Bericht fannt Der déi Aspekter. Ech ka mech erënneren, am Ufank vun dëser Legislatur hu mer beim ISERP en Turnsall gestëmmt, dee war scho fënnef Joer am Gebrauch oder net wäit dovun. Also ech mengen dat ass eng geleeft Praktik. Ech hoffen, dass dat zwar an Zukunft iergendwéi ka geännert ginn.

De Rapport vun der Kommissioun ass vun der Majoritéit gedroe ginn, bei véier Enthalungen. Nawell bidden ech lech hei, dëser Gesetzesvirlag zoustëmmen, well et ass e gutt preparéiert a kuerzt Gesetz mat 14 Artikelen. Ech soen dobäi d'ailleurs dem Här Bisenius vun der Chamber merci fir seng excellent Aarbecht - déi Leit ginn net oft genuch gelueft. Letztlech hoffe mer, dass den Établissement public schnell ukënnt, wëssend dass dat gutt Funktiounen vum Rehazenter méi vun der Qualitéit a vum Asaz vum Personal ofhänke wäert, wéi vun dëser kuerzer Gesetzesvirlag. Ofschléissend, an am Numm an am Opdrag vun dëser Kommissioun, wollt ech och dem Dokter Grenot a senger ganzer Mannschaft, déi bis elo iwwer 24 Joer laang sech d'Méi ginn hunn, fir ganz schwéier betraffe Patienten ze fleggen, fir gutt Aarbecht ënner schwiergeste Konditiounen merci soen, a fir hir Gedold haapt-sächlech, bis mer elo mat dësen zwee Gesetzer ukomm sinn, an dofir soen ech lech alleguete merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

#### Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber huet haut de Moien de Projet iwwert d'Finanzéierung vum Rehazenter gestëmmt, an haut de Mëtteg stëmme mer, esou wéi de Rapporteur dat elo grad gesot huet, d'Forme juridique vun Rehazenter. Ech wëll och dem Rapporteur fir säin excellenten schréfflechen a mëndlechen Rapport merci soen. Hien huet och dee gréissten Deel vun de Froen, déi sech am Zesammenhang mat deem heite Gesetz gestallt hunn,

explizéiert an duergeluecht, esou dass ech mech eigentlech nëmmen zum Deel mat deene Froen nach brauch ofzeginn.

Et ass also e glécklechen Zoufall, dass haut de Rehazenter a senger ganzer Weit, souwuel wat d'Finanzéierung wéi och d'Forme juridique ugeet, ka gestëmmt ginn. Et ass de Moie schonn des Laangen an des Breederen iwwert de Rehazenter geschwat ginn. Ech wëll net op deen historeschen Deel zréckkommen. Ech kommen allerdéngs net derlaanscht, verschidde Punkten, déi de Moien net ervirgehewe gi sinn, awer hei ervirzehiewen, dat an enger objektiver Aart a Weis an ouni Polemik.

De Rehazenter ass 1978 geschafe ginn aus enger Noutsituatioun eraus. An zwar, well am Rahme vun der Gériatrie vum Hospice civil vun Hamm gemierkt ginn ass, dass ëmmer erëm Leit hu missen opgeholl ginn, deenen hir Situatioun awer kënnt verbessert ginn duerch eng appropriéiert Rééducation. Dofir huet och den Hospice civil en accord mat der Gemeng Lëtzebuerg décidéiert, dee Service ze schafen. Et sinn aacht Better geschafe ginn, et ass qualifizéiert Personal agestallt ginn an et war eigentlech geduecht, och an deene Gespréicher, déi schonn deemools mat dem zoustännege Ministère gefouert gi sinn, dass dat nëmmen e Provisorium wär.

Et bien, Dir Dammen an Dir Hären, dee Provisorium hält eigentlech elo haut en Enn an de Rehazenter kritt definitiv déi gesetzlech Basis an och déi finanziell Méiglechkeeten, déi e brauch. Dee Provisorium huet also méi wéi 25 Joer gedauert a mir stellen och fest, an dat kann ech hei ervirhiewen, dass an där Zäit eigentlech den Hospice civil, op jidde Fall bis zum Joer 2002, d'Chargé vun deem Rehazenter gedroen huet, an doduerch dass den Hospice civil se gedroen huet, ware se zu Laaschte vun der Gemeng Lëtzebuerg. D'Gemeng Lëtzebuerg huet och an där Zäit an der Moyenne bis zu 20 Milliounen Defizit pro Joer vun deem provisorische Rehazenter iwwerholl. Dat mécht an deenen iwwer 20 Joer quasiment eng hallef Milliard al Lëtzebuerger Frangen aus, well et war jo an där Zäit wou mer nach eis Lëtzebuerger Frangen haten.

Ech wollt dobäi ervirhiewen, well ëmmer och vun der Legitimitéit geschwat ginn ass a vun deem legitimen Usproch vun der Gemeng, fir d'Implantatioun vun deem Rehazenter hei um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg. Et sinn aner Gemengen, déi gesot hunn, et wier legitim, dass e bei si géif kommen. D'Gemeng Lëtzebuerg huet sech an den 90er Joren, wéi d'Décisioun gefall war, och net mordikus dogéint gewiert, mä si huet awer drop higewisen, dass si et eigentlech war an an hirem Accord, dass dee Rehazenter och geschafe ginn ass, an dass e mat hirer Hëllef och konnt funktionéieren. An de Fait, dass e schlussendlech an der Stad implantéiert gëtt, kann een och als eng Unerkennung vun deem dote finanziellen Effort ugesinn.

Et ginn allerdéngs aner Grënn, déi de Moie schonn den Här Minister vun der Gesondheet duergeluecht huet, fir de Rehazenter an der Stad ze implantéieren. Déi Grënn muss een och unerkennen, an ech wëll och net méi op déi Grënn zréckkommen.

Ech wëll mech dann awer befaasse mat dem Établissement selwer. Bis elo huet de Rehazenter ënnert der Form vun enger A.s.b.l. funktionéiert. Eng A.s.b.l. ass eng juristesch Form, déi géeegeent ass an déi geschafe ginn ass am Gesetz vun 1928, fir Privatleit et ze erlaben ee Veräin oder eng Vereenegung ze grënnen. Et ass am Fong geholl net déi typesch Form vun de juristesche Persounen am öffentleche Sektor. Hei geet et ëm eng öffentlech rechtlech Missioun. Et geet ëm Intérêts généraux, an dofir ass et och richtig, dass d'Form vun

Établissement public gewielt gëtt fir de Rehazenter an dass mer vun där Form vun der A.s.b.l. ewechkommen. Déi Décisioun ass richtig an déi kann een och nëmme begréissen.

Et ass dann d'Fro opgeworf gi vun dem Personal, wou och de Rapporteur schonn drop agaangen ass. Et ass richtig, dass an engem Accord salarial gesot ginn ass, d'Personal sollt an de Kader vun dem öffentlechen Déngscht erakommen, well et en Établissement public ass. Mir hunn awer eng Situatioun am Gesondheitssektor, wou dat zënter Joren net de Fall ass. Mir hunn am Gesondheitssektor ënnerschiddlech Établissements, Fondatiounen, Etablissements publics, Gemengenétablissements, a si falen alleguer, wat d'Personal ugeet, ënnert de Kollektivvertrag vun deem Secteur. Wa mer awer géingen higoen a mir huelen een Établissement eraus, oder mir huelen aner Établissements eraus, da kréie mer eng Doppelgleisegkeet vun deem Personal, wou ee sech awer muss d'Fro stellen, ob dat richtig wär, étant donné dass och d'UCM an Zesummenaarbecht mat den Établissements vun der Gesondheet a vun de Spideeler versicht de Käschtepunkt erauszestellen an déi Établissements och gläich ze behandeln. Et wier op jidde Fall...

M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Här President, därerf ech dem Här Meyers eng Fro stellen?

#### (Assentiment)

Et ass jo net esou, dass an deem Accord tëschent Regierung a CGFP virgesinn ass, dass ee verschidde Statute géif maachen. Wann een den Accord tëschent CGFP a Regierung richtig liest, da géif fir bestoend Établissements publics a fir zukünftige Établissements publics de Statut public fir d'Personal gëllen. Dat ass den Accord. Wann also deem Accord an d'Praxis géif emgesat ginn, da géif et keng zwee verschidde Statute méi ginn. Mä ech bezweifelen, dass de Wëllen nach do ass, fir deem Accord wierklech a Musek ëmzesetzen.

#### (Interruption)

M. Paul-Henri Meyers (*CSV*).- Här President, ech mengen den Här Mars Di Bartolomeo huet nach net matkritt, datt et am Gesondheitssektor an am Sektor vun de Spideeler och privat Fondatiounen gëtt an aner Établissements, wou ganz sécher keng Statsbeamten hikommen. Ech maachen en och drop opmierksam, dass de Kollektivvertrag sech eigentlech uleent un den öffentleche Sektor, dass also déi Leit, déi an deem Sektor schaffen, quasiment assimiléiert sinn un d'Statsbeamten. Also kann ee sech d'Fro stellen: Wat bréngt dat deene Leit weider, wa se Statsbeamte sinn oder net? Also fir déi Leit, déi an deem Sektor schaffen, ass dat ganz sécher keen Avantage.

#### (Interruptions diverses)

Well mir wëssen, wa mer de Statut vum Statsbeamten oder Statsemployé géifen integral uwenden, da stellen ech mer souguer d'Fro, ob dann dat Personal, wat an deem Sektor schafft, net méi schlecht ewech kéim wéi ënnert deene Konditiounen, ënnert déi et haut fält.

M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Da ginn awer komesch Accordé gemaach!

M. Paul-Henri Meyers (*CSV*).- En anere Punkt, deen opgeworf ginn ass, deen och de Rapporteur hei ernimmt huet, dat sinn déi steierlech Avantagen, déi d'Établissements publics hunn. Ech hu selwer dee Problem opgeworf, well sech awer mat der Zäit am Verglach vun den Établissements publics mat Personnes juridiques de droit privé, déi am selwechte Sektor schaffen, Problemer stellen. Well déi eng Avanta-